# Niklos-Expo 2026
# zu Konsdref an der Kierch
### 09.09. - 23.09.2026

## Programm fir Kanner:
### 9., 10., 11., 14., 15., 16., 17., 18. September

- an der Kierch Saint Barthélemy zu Konsdref
- 75 Min. fir jeeweils 1 Klass oder e Grupp vu bis zu 20 Kanner, fir 3 verschidden Alterskategorien (C2-C4)
- Atelier 1 mam Danielle Mertes an Tanja Konsbrück. Atelier 2 mam Laure Simon. Beim Atelier 3 ass een Organist zousätzlech dobäi.
- Beim Grupp vu Kanner soll eng Betreiungspersoun dobäi sinn. Idealerweis ass nach eng Benevolle Persoun och nach an der Kierch dobäi.
- wéinst der Akustik ass et am beschten, wann ëmmer just eng eenzeg Grupp am Raum ass.

## Atelieren:

**1. Ei, Ei, Ei – Geschwënn ass et schonn nees esou wäit! C2 + C3**

De Kleesche kënnt ... Et ass zwar nach e bësschen Zäit bis dohin. Mee et kann een sech awer schonn drop virbereeden... Well et gëtt vill interessant Saachen iwwert deen Hellege Mann an dat grousst Fest ze entdecken a kennenzeléieren. Mat eisem „Kleeserchers-Spill“ maache mir eis zesummen op Entdeckungsrees... Zum Schluss bastele mir eppes.
A wann dir wëllt, kritt dir och schonn am September eng Geschicht vum Kleeschen erzielt.

**2. Expo & Quiz zum Kleeschen: C4**

Et gëtt eng Féierung duerch d'Niklos Expo an ee Quiz, mat Opléisung dono.

**3. Kleesercherslidder bei der Uergel sangen: all Alter gemëscht**

Den Organist erkläert de Kanner d'Uergel a spillt e puer Lidder, déi si kennen a wou si matsange kënnen.

---

**Umeldung mat enger Mail bis den 1.8.: Kultur Patrimoine Konsdref**
kupakonsdref@gmail.com

**<u>mat folgenden Informatiounen:</u>**

1. Klass/Grupp,
2. Zuel vun de Kanner an Alterskategorie,
3. Präferenz vum Datum: 09.09. ; 10.09.; 11.09.;14.09.;15.09.; 16.09.;17.09.; 18.09.
4. Moies oder Mëttes mat gewënschtem Zäitraum (8.45–10.00/10.30-11.45/14.15-15.30)
5. Kontaktpersoun (Numm, Virnumm, Telefonsnummer, Mailadress).

Mir bestätegen Är Umeldung a versichen d’Präferenzen ze respektéieren.

vun der ErwuesseBildung, mat der Ënnerstëtzung vum Ministère de la Culture
an Zesummenaarbecht mat dem Veräin Kultur a Patrimoine Konsdref an der Par
Regioun Iechternach Saint Willibrord

Fotoen vun der “Niklosexpo 2025” an der Kierch zu Housen.











